N° 4777
Reçue le 30.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg huet d'Madamm Ëmweltminister déi nei Richtlinne vun der Lëtzebuerger Klimapolitik virgestallt. Am Artikel "nouvelle stratégie" deen de 27. Juli zu deem Theema am Quotidien publizéiert gouf, war ënner anerem Follgendes ze liesen: "*Une attention particulière est par ailleurs accordée aux thèmes du genre et des droits de l'homme, de même qu'à la migration climatique*". Et kënnt also zu engem Zesummespill vun extrem heterogene Politikfelder.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi an dësem Zesummenhang d'Nohaltegkeetspolitik, d'Klimapolitik an d'Ëmweltpolitik definéiert a vuneneen ofgegrenzt ginn?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, zu wéi engem vun deenen dräi Beräicher si d'Genderpolitik an dësem Zesummenhang zielt? Kann d'Regierung ausserdeem preziséieren, wéi si hei tëschent Gläichberechtegung a Gläichheet differenzéiert?
3) De Phenomen vun der Klimamigratioun ass am Laf vun der Geschicht vun der Mënschheet ëmmer rëm virkomm, well d'Leit op bestëmmt, natierlech Klimaverännerunge reagéiert hunn, dat notamment wärend den Äiszäiten. Och d'Vereenegt Staate kenne bis haut eng staark meteorologesch/klimatologesch orientéiert Bannemigratioun, notamment Richtung Kalifornien. Wéi differenzéiert d'Regierung an hirer Klimastrategie tëschent der lo just elaboréierter, klassescher Klimamigratioun an de Froe vum Klimaasyl?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 4777
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 14 septembre 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4777 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4777 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°4777 vum 30. Juli 2021 vun dem éirewäerten Déptutéierten Här Fred Keup iwwert d'Klimapolitik**

Als alleréischt sollt ee präziséieren, dass den Artikel, deen de 27. Juni 2021 am Quotidien war, esou wéi d'Pressekonferenz vum Dag virdrun, sech net op d'Richtung vun der lëtzebuerger Klimapolitik per se bezunn hunn. D'Pressekonferenz vum 26. Juni 2021 sollt d'Richtung vun der neier Strategie betreffend d'Attributioun vum "Financement climatique international" (FCI) iwwert d'Period 2021-2025 virstellen, also d'Engagement vu Lëtzebuerg fir Entwécklungslänner ze hëllefe fir dass si mam Klimawandel kënne mathalen, esou wéi et am Accord vu Paräis festgeluecht ass.

1) ***Kann d'Regierung elaboréieren, wéi an dësem Zesummenhang d'Nohaltegkeetspolitik, d'Klimapolitik an d'Ëmweltpolitik definéiert a vuneneen ofgegrenzt ginn?***

Wat d'Fro vun der Definitioun an der Ofgrenzung vun der Nohaltegkeets-, der Klima- an der Ëmweltpolitik betrëfft ka gesot ginn, dass déi dräi Themen hier eege Spezifikatiounen hunn. Allerdéngs ass et schwéier se kloer vuneneen ze trennen, well et sech heibäi ëm transversal Sujeten handelt, déi net wierklech vunenee getrennt kënne ginn. Unhand vun e puer Beispiller kann een dat erklären:

D'Nohaltegkeetspolitik konzentréiert sech haaptsächlech op d'Ëmsetzung vum 3. Nohaltegkeetsplang (PNDD) deen sech op 17 Ziler, déi sougenannten SDG (sustainable development goals) vun de Vereenten Natioune baséiert. Zum Aktiounsfeld vum PNDD gehéieren d'Klima, Genderpolitik, d'Energie an de Schutz vun den Ökosystemer. Domat bezitt de PNDD sech op all bestoend Strategie a Politik, wéi zum Beispill de *Plan National Intégré en matière d'Energie et de Climat 2021-2030* (PNEC) an den *2ème Plan National concernant la protection de la nature* (PNPN), fir bei der Ëmsetzung vun den SDG mat bäizedroen.

De PNEC definéiert déi grouss Ziler vu Lëtzebuerg wat d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen, d'Energie-Effikassitéit an d'Uwendung vun erneierbaren Energië bis 2030 ugeet. Dëst Dokument bezitt sech kloer op d'Agenda 2030, esou wéi op den Accord vu Paräis, an an deem Kontext och op den uewe genannte FCI.

Et kann een also feststellen, dass et schwéier ass d'Themen, déi per se matenee verbonne sinn, vuneneen ofzetrennen. Trotzdem ass et wichteg fir all Domaine Strategien auszeschaffen an se ëmmer nees unzepassen an ofzegläichen.

2) ***Kann d'Regierung elaboréieren, zu wéi engem vun deenen dräi Beräicher si d'Genderpolitik an dësem Zesummenhang zielt? Kann d'Regierung ausserdeem preziséieren, wéi si hei tëschent Gläichberechtegung a Gläichheet differenzéiert?***

D'Definitioun an d'Ëmsetzung vun der nationaler Genderpolitik berout op den Attributioune vum Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer. Et ass evident, dass d'Gendergläichheet – an dësem Kontext ass d'Gläichheet tëschent allen Persoune gemengt – ee Sujet ass, deen an ënnerschiddlech Domainë fält an dowéinst op eng transversal Aart a Weis an der Politik zu Lëtzebuerg soll behandelt ginn. Soumat ass d'Genderthematik och an der Nohaltegkeetspolitik vertrueden, besonnesch am Kader vum PNDD an der Klimapolitik.

Déi nei Strategie vum FCI gëtt der Genderpolitik eng besonnesch Importenz. Et ass ze bemierken, dass a ville Länner Fraen a (jonk) Meedercher vun de Risiken an Auswierkunge vum Klimawandel direkt betraff sinn. Frae spillen eng zentral Roll am Haushalt, bei der Erzéiung vun de Kanner, der Produktioun an dem Uschafe vu Liewensmëttel esou wéi beim Verbreede vu lokale Kenntnisser zur Ernierung.

Wéinst dem Klimawandel kann d'Produktioun vu Liewensmëttel net méi esou gutt virausgesot ginn a wierkt sech domat op d'Akommes vun de Familien aus. D'Sammele vu Waasser an Holz gi méi schwéier, a wéinst de längeren Distanzen, déi si mussen zeréckleeën, ginn d'Fraen engem erhéichte Risiko vu kierperleche Geforen a sexueller Gewalt ausgesat. An deene meeschte Fäll hu Frae kee Virdeel duerch Fréiwarnsystemer. Duerch hier Kultur an Traditiounen si Fraen oft an hire Rechter limitéiert, wat dozou féiere kann, dass si keng Entscheedung dierfen treffen oder hier Experienz am Ëmgang mat enger Katastrof oder den natierleche Ressourcen net dierfe weiderginn.

All Finanzement vum FCI huet zur Bedingung, dass d'Demandeuren de Respekt vum Prinzip „ne pas nuire" an der Precautioun noweise kënnen, sech un d'Haaptnorme vun de Mënschenrechter an der Gendergläichheet halen an sech aktiv fir déi betraffe Persounen, dorënner déi Persounen, déi marginaliséiert an/oder diskriminéiert gi wéinst hirer sexueller Orientéierung, hiren Originnen oder hirer Hautfaarf, eenheemesch Vëlker a lokal Communautéiten, asetzen.

3) ***De Phenomen vun der Klimamigratioun ass am Laf vun der Geschicht vun der Mënschheet ëmmer rëm virkomm, well d'Leit op bestëmmt, natierlech Klimaverännerunge reagéiert hunn, dat notamment wärend den Äiszäiten. Och d'Vereenegt Staate kenne bis haut eng staark meteorologesch/klimatologeschorientéiert Bannemigratioun, notamment Richtung Kalifornien. Wéi differenzéiert d'Regierung an hirer Klimastrategie tëschent der lo just elaboréierter, klassescher Klimamigratioun an de Froe vum Klimaasyl?***

Am Kader vun der neier Strategie vum FCI gëtt ee klengen Deel vum Budget der Migratioun déi duerch de Klimawandel entsteet zougedeelt. De Klimawandel léist elo schonn d'Migratioun vun Deeler vun der Populatioun aus, well verschidde geographesch Zonë kee liewensfähege Klima méi hunn. Dëse Verloscht vu liewensfähegem Klima ka verschidden Ursaachen hunn: d'Klamme vum Mieresspigel, d'Erhéijung vun der Heefegkeet a vun der Gravitéit vun Iwwerschwemmungen a Stierm, ee steigende Manktem u Liewensmëttel a Drénkwaasser esou wéi en allgemenge Réckgang vun der Liewensqualitéit an de wirtschaftleche Perspektiven. Dës Aart vu Migratioun wäert an deenen nächste Joren nach zouhuelen a wäert, trotz den Efforten déi am Moment gemaach ginn, a verschiddene Fäll net ze evitéiere sinn. Fäll, déi an dësem neie Kader vu Finanzement gëeegent wäre fir Ënnerstëtzung ze kréien, wieren:

- Fäll vun interner oder internationaler Migratioun, déi stattfënnt als Reaktioun op graduell Verännerungen am Klima wéi d'Verännerunge vun den Temperaturen an dem Reen oder als Reaktioun op onerwaarten Evenementer wéi Iwwerschwemmungen, schlëmm Stierm, …; oder
- Fäll wou Klimaevenementer, déi entweder schonn geschitt sinn oder riskéieren erëm ze geschéien (wéi eng unhaalend Dréchent, eng Brandkatastrof, eng Erosioun no Stierm, eng Intrusioun vun Salzwaasser), eng Migratioun oder eng zukünfteg viraussobar Migratioun ausléisen.

De FCI ënnerstëtzt schonn Upassungsmesuren, déi et de betraffene Persounen erméiglechen kënnen op der Plaz ze bleiwen a soumat eng Emigratioun decouragéieren. Dëst gëtt haaptsächlech ereecht duerch ee verbesserten Accès zu Drénkwaasser, Hëllefe bei der Konstruktioun an Amelioratioun vun den Agrarsystemer, Ënnerstëtzung vun nohalteger Landwirtschaft a bei der Diversifikatioun vum Akommes.

Am Kader vun der Klimamigratioun kann de FCI Mesuren ënnerstëtzen, déi eng sécher Migratioun, déi d'Dignitéit, d'Mënscherechter an d'Perspektive vun de Migrante respektéiert. D'Aktivitéiten an d'Programmer, déi ënnerstëtzt ginn, mussen noweisen dass d'Migratioun am Zesummenhang mam Klimawandel steet a musse strikt Oplage respektéieren, dorënner d'Berodung vun deene Betraffenen.

Dës Approche ass kompatibel mam *Pacte Mondial des Nations Unies pour des migrations sûres, ordonnées et régulières*, besonnesch mam Objektif 5h) iwwert d'Amelioratioun vun de

Migratiounsweeër, dee Lëtzebuerg 2018 ënnerschriwwen huet. D'Zil ass et Léisunge fir Klimamigratioun ze identifizéieren, ze entwéckelen an ëmzesetzen. Hei gëtt och den Recommandatiounen vum Aarbeschtsberäich iwwert d'Mobilitéitinklusiv d'Migratioun an d'Réinstallatioun Rechnung gedroën déi virgesinn sinn am Kader vum "*Mécanisme international de Varsovie pour les pertes et dommages de la CCNUCC*".

Beispiller vu Projeten, déi gëeegent wiere fir de FCI ënnert dem Volet vun der Klimamigratioun:

- D'Entwécklung vu Systemer, Infrastrukturen, Pläng, Programmer a Politik, déi d'Upassungsfäegkeet vu Communautéiten um Land oder un de Küste vis-a-vis vun de klimatesche Geforen ënnerstëtzen.
- D'Protektioun vun der Bevëlkerung, déi a vulnerabelen Zonë wunnt andeems een hinne Logementer a méi sécheren Zonen zur Verfügung stellt. Esou kann d'Zuel vun de Persounen, déi a vulnerabelen Zonë wunnt, reduzéiert ginn.
- Sech ëm déi primär sanitär Besoine vun Klimamigrante këmmeren andeems een hinne Waasser, medezinesch Behandlungen a Medikamenter zur Verfügung stellt.
- D'Ausschaffen an d'Ëmsetze vun nohaltegen urbanen Entwécklungspläng fir Stied, déi vun Iwwerschwemmungen a soumat och vu Migratioun betraff sinn.
- D'Offer vu Programmen a Formatiounen, déi de Betraffenen hëllefe Kompetenzen ze léieren, déi si op hirem neie Wunnuert gebrauche kënnen.
- D'Bereetstelle vun engem Daach iwwert dem Kapp, dorënner Gemeinschaftsraim an Transit- an Opnamezentren.